# MIR SCHAFEN ZUKUNFT

## NOUS CONSTRUISONS L'AVENIR
## NÓS CONSTRUÍMOS O FUTURO
## WE ARE SHAPING THE FUTURE



© Cedric Letsch

déi gréng Norden



# MOIEN

Mir erliewen aktuell villes, wat eis Suergen mecht: Pandemie, Krich, Präisdeierecht, Logement- an Energiekris. Dobäi kommen d'Klima- an d'Biodiversitéitskrisen, géint déi mir gréng zënter jeehier op all Niveau ukämpfen.

Mir si fest dovunner iwwerzeegt, datt mir eng besser Zukunft schafe kënnen, wa mir dës Erausfuerderunge souwuel um nationale wéi och um lokale Plang gesamtheetlech uginn.

Wéi gutt mir am Alldag zesumme liewen, entscheet sech och schonn dacks an eisen Éisleker Gemengen.

Duerfir ziele mir och op lokalem Plang op eng ganz Rei engagéiert Bierger*innen, déi sech mat abrénge fir zesummen eis gréng Wäerter am Norden héich ze halen: Nohaltegkeet, duuss Mobilitéit, proppert Waasser a propper Loft, Klimaneutralitéit, Inklusioun, sou wéi villes méi.

Op de folgende Säiten huele mir iech mat duerch eise Bezierk a stellen iech eng Partie vun hinnen vir: sie setze sech um lokale Plang fir gréng Wäerter an a sinn är Uspriechpersoune wann dir iech engagéiere wëllt oder einfach Froen un eis hutt.

Also zéckt net mat ze maachen: Schreift är Kontaktpersounen un, oder mellt iech beim Bezierk Norden: **norden@greng.lu**

Mir freeën eis op iech!

*déi gréng Norden*

# BONJOUR

Nous vivons actuellement dans un contexte difficile: Pandémie, guerre, augmentation des prix, crise du logement et de l'énergie. À cela s'ajoutent les crises du climat et de la biodiversité, que déi gréng combattent à tous les niveaux depuis de longues années.

En tant que Verts, nous sommes convaincus que nous pouvons créer un avenir meilleur en nous attaquant à ces défis, tant au niveau national que local.

Très souvent, notre qualité de vie au quotidien se décide déjà dans nos communes de l'Oesling.

C'est pourquoi nous comptons, au niveau local, sur des citoyen.ne.s engagé.e.s qui s'unissent pour défendre nos valeurs vertes au Nord du pays: La durabilité, la mobilité douce, l'eau et l'air propres, la neutralité climatique, l'inclusion et tant d'autres.

Au fil des pages suivantes, nous vous guidons à travers notre circonscription et vous présentons quelques-unes de ces personnes engagées qui œuvrent sur le plan local pour ces valeurs vertes et qui sont également vos interlocuteurs si vous voulez nous rejoindre ou simplement nous poser vos questions.

N'hésitez pas à vous engager : Écrivez leur ou adressez-vous directement à notre circonscription du Nord : **norden@greng.lu**

Nous vous attendons avec impatience !

*déi gréng Norden*

## KOMMT, MIR GESINN EIS

**13.03.2023 - EISE PATRIMOINE -** Konferenz zu Clierf mam Sam Tanson

**19.04.2023 - LANDESPLANUNG -** Konferenz zu Gréiwels mam Claude Turmes

**15.05.2023 - ENERGIEVERSUERGUNG -** Konferenz zu Mäerzeg mam Claude Turmes

**MORE EVENTS ON GRENG.LU**

# DÉI GRÉNG CLIÄRREF

**Kontakt:**
27 48 27 1
cliarref@greng.lu

**www.cliarref.greng.lu**



**Betsy Aschman**
*68 Joer • Pensionéiert Enseignante • Gemengeréitin*



**Jacquot Junk**
*66 Joer • Pensionéierten Ingenieur technicien • Gemengerot*



**Rita Jeanty**
*79 Joer • Pensionéiert Enseignante • Sekretärin vun de Kommissiounen 3. Alter & Integratioun*

Fir eis Gemeng Cliärref, déi am Häerz vum Éislek läit, setze mir eis a ***fir eng gutt Liewensqualitéit ze garantéieren, eise Patrimoine opzewäerten, d'Identitéit vun eisen Éisleker Uertschaften duerch nohaltege Wuesstem ze erhalen, d'Natur ze respektéieren an den duussen Tourismus ze fërderen.***
Och de lokalen a regionale Liewensmëttelproduzenten a Geschäfter garantéiere mir eis Ënnerstëtzung. Wanns och du dech mat dëse Wäerter identifizéiere kanns, dann engagéier dech mat eis fir ee bessert Cliärref!

Pour notre commune de Clervaux, située au cœur de l'Éislek, nous nous engageons ***à assurer une bonne qualité de vie, à valoriser notre patrimoine, à préserver l'identité de nos localités par une croissance durable, à respecter la nature et à favoriser le tourisme responsable.***
Nous garantissons notre soutien aux producteurs alimentaires régionaux et aux entreprises locales. Si vous partagez ces visions pour notre commune, rejoignez-nous pour soutenir nos efforts.

# DÉI GRÉNG WOOLTZ

**Kontakt:**
27 48 27 1
wooltz@greng.lu

**www.wooltz.greng.lu**



**Stéphanie Empain**
*39 Joer • Députéiert • Präsidentin vun der FLA*

Eist Wooltz stécht matzen am Wandel an déi nächst Jore ginn immens wichteg. Wooltz kann eis all esou vill bidden, mee duerfir mussen d'Weechen haut gestallt ginn: ***fir méi Inklusioun, eng gerecht Sozialpolitik, e gestäerkt Veräinsliewen, eng konsequent Energiepolitik, awer och fir den Ausbau vu lokalen Aarbechtsplazen.*** Zesumme mat iech wëlle mir eis fir ee Wooltz staark maachen, wat sengem Usproch als Capitale des Ardennes gerecht gëtt.

Notre commune de Wiltz est en plein essor et les années à venir promettent de devenir extrêmement importantes. Wiltz a tant à nous offir, mais pour cela, il faut poser les jalons dès aujourd'hui : ***pour plus d'inclusion, une politique sociale forte, une politique énergétique cohérente, une vie associative renforcée, mais aussi pour le développement de l'emploi local.*** Avec vous, nous voulons nous engager pour une commune de Wiltz à la hauteur de son ambition en tant que capitale des Ardennes.

# DÉI GRÉNG NORDSTAD

***Fir d'Regionalsektioun Nordstad steet déi regional Zesummenaarbecht am Vierdergrond.*** Mir wëlle mat eise Membere vun Bettenduerf, Ierpeldeng, Ettelbréck, Dikrech a Schieren u Léisunge fir eis Regioun schaffen, déi déi bescht fir jiddwer Gemeng an net just fir Eenzelner duerstellt. Grad wat Theemen ewéi Klima, Mobilitéit, Logement an Energie uginn, ass et am Sënn vu jiddwerengem déi verschiddensten Erausfuerderungen zesummen unzegoen. Engagéiert och dir iech: Kontaktéiert eis a schafft zesumme mat eis un der Zukunft vun der Nordstad.

***Pour la section régionale Nordstad, la coopération régionale contribuera à bâtir notre vision d'un futur durable.*** Unissons nos forces à Bettendorf, Erpeldange, Ettelbruck, Diekirch et Schieren pour trouver des solutions pour notre région entière et non seulement pour les communes individuelles. Surtout en ce qui concerne les sujets tels que le climat, la mobilité, le logement ou l'énergie, rassemblons-nous pour relever ces défis ensemble. Vous aussi, engagez-vous à nos côtés pour un avenir durable de la Nordstad.

# DÉI GRÉNG DIKRECH

**Kontakt:**
27 48 27 1
diekirch@greng.lu

**www.greng.lu/nordstad**



***Frank Thillen***
*58 Joer • Physiksproff • Gemengerot*



***Jennifer Maeks***
*34 Joer • Mediendesignerin*



***Paul Cuny***
*70 Joer • Pensionéierten Ingenieur • Finanz-Kommissioun*



***Elisabeth Hoffmann***
*60 Joer • Médecin généraliste • Integratiouns-Kommissioun*

***Déi gréng Dikrech setze sech dofir an, datt eis Gemeng och fir déi nächst Generatioun agreabel Wunn-, Schaff-, Sport- a Fräizäitméiglechkeete bitt.*** Dofir muss eis Gemeng méiglechst gréng an naturno gestalt an de Verkéier reduzéiert ginn. D'Vëlosfuerer a Foussgänger brauche komfortabel a sécher Verbindungen. D'erneierbar Energië musse weider ausgebaut ginn. An et brauch eng breet Bierger*innebedeelegung, fir datt jiddwereen*t eis Gemeng matgestalte kann. Hëlleft eis dobäi, dës Visiounen duerchzesetzen a mellt iech bei eis. Mir freeën eis drop mat iech zesumme lass ze leeën!

***Déi gréng Diekirch s'engagent à assurer que notre commune offre des opportunités de vie et de travail agréables aux prochaines générations.*** Par conséquent, nous voulons réintroduire plus de nature dans l'aménagement urbain et nous nous engageons pour une réduction de la circulation. Les cyclistes et les piétons doivent pouvoir se déplacer confortablement sur des tronçons sécurisés. Les énergies renouvelables doivent être davantage développées. De plus, nous continuons à œuvrer pour une large participation citoyenne, afin que chacun.e puisse contribuer au développement de sa commune. Aidez-nous à mettre en œuvre ces visions et engagez-vous avec nous !

# DÉI GRÉNG ETTELBRÉCK

**Kontakt:**
27 48 27 1
ettelbreck@greng.lu
**www.greng.lu/nordstad**



**Svenja Birchen**
*28 Joer • Ëmweltbiologin • Gemengeréitin*



**Christof Theis**
*33 Joer • Assistant social • Gemengerot*



**Claude Majerus**
*39 Joer • Infirmière psychiatrique*



**Claude Feltgen**
*30 Joer • Sozialwëssenschaftler • Koordinator Regionalsektioun Nordstad*

Ettelbréck, als Dier vum Norden, ass eng Gemeng mat vill onausgeschöpftem Potenzial. Déi grouss kulturell a sozial Diversitéit spigelt sech och um landschaftleche Plang vun eiser Gemeng erëm. Dofir huet Ettelbréck d'Potenzial sech zu engem urbanisteschen, mee naturnoe Kär vun der Nordstad ze entwéckelen.
***Mir engagéieren eis fir ee konsequent Mobilitéitskonzept, eng strukturéiert Energie- a Klimapolitik an eng méi aktiv Bierger*innenpartizipatioun.*** Eis läit ee méi gréngen a méi inklusiven ëffentleche Raum um Häerzen.

Ettelbruck, en tant que porte des Ardennes, est une commune au grand potentiel inexploité. La grande diversité culturelle et sociale se reflète dans le paysage de notre commune. Par conséquent, Ettelbruck a le potentiel de se développer en un noyau urbain et naturel de la Nordstad.
***Nous nous engageons pour un concept de mobilité cohérent, une politique énergétique et climatique structurée et une participation citoyenne plus active.*** Il nous tient à cœur de développer un espace public plus vert et plus inclusif.

# DÉI GRÉNG IERPELDENG

**Kontakt:**
27 48 27 1
nordstad@greng.lu
**www.greng.lu/nordstad**



**Giovanni Ferigo**
*61 Joer • Pensionéierten Infirmier • Informatiouns-, Ëmwelt-& Integratiouns-Kommissiounen*

Fir eng méi nohalteg Zukunft vun Ierpeldeng, Angelduerf an Bierden ze schafen, sëtzen déi gréng Ierpeldeng sech fir méi Bierger*innebedeelegung, fir kohärent a sécher Vélosweeër an eng Ënnerstëtzung vun de Bierger*innen um Wee zu engem klimaneutrale Liewen an. ***Maach och du bei eis mat an engagéier dech fir Ierpeldeng.***

Afin de construire un avenir durable pour Erpeldange, Ingeldorf et Burden, déi gréng Erpeldange s'engagent pour plus de participation citoyenne, des pistes cyclables uniformes et sûres et des services soutenant les citoyen.ne.s qui veulent se tourner vers un quotidien climatiquement neutre. ***Rejoignez-nous et engagez-vous à nos côtés pour Erpeldange.***

# DÉI GRÉNG WËLLE WESTEN

Déi nei Regionalsektioun Wëlle Westen huet sech offiziell am Abrëll 2022 gegrënnt a streckt sech iwwert d'Gemenge Biekerech, Ell, Wal-Groussbus, Préizerdaul, Rammerech, Réiden, Säll, Useldeng, Viichten, Feelen, Mäerzeg, Bauschelt & Esch-Sauer. ***Eis Efforten zesummen ze leeën an de beständegen Austausch ze fleegen***, hëlleft eis dobäi d'Erausfuerderungen an der Landwirtschaft, der Mobilitéit an dem Klima an eiser schéiner Regioun am Westen unzegoen.

La nouvelle section régionale Wëlle Westen a officiellement été créée en avril 2022 et comprend les communes de Beckerich, Ell, Wahl-Grosbous, Préizerdaul, Rambrouch, Redange, Saeul, Useldange, Vichten, Feulen, Mertzig, Boulaide & Esch-sur-Sûre. ***Le fait de joindre nos efforts et de maintenir des échanges constants*** nous aide à relever les défis de l'agriculture, de la mobilité et du climat dans notre belle région de l'Ouest.

## BIEKERECH



**Cédric Schiltz**
*36 Joer • Coordinateur vun Eurosolar Asbl • Sekretär an 2 Gemengekommissiounen*

**Tim Hengen**
*40 Joer • Ekonomist • Schäffen vu Biekerech vun 2005-2013*

Déi nohalteg Entwécklung vun eiser Gemeng, mat Fokus op den Ausbau vun den erneierbaren Energien, läit eis besonnesch um Häerzen. Sou muss weiderhi gutt op eist Biekerecher Drénkwaasser opgepasst ginn. D'Leit musse sech rëm an der Gemeng aktiv abanne kënnen, datt nees méi Zesummeliewen tëscht de verschiddene Generatiounen an Nationalitéiten entsteet. D'Gemeng Biekerech soll weiderhin als attraktiv wouer geholl ginn. ***Biekerech war nach ëmmer Virreider a ville Beräicher, a mir engagéieren eis, fir datt dëst och weiderhin esou bleift.***
Le développement durable de notre commune, avec un accent sur le développement des énergies renouvelables, nous tient particulièrement à cœur. De plus la commune doit continuer à accorder une attention particulière à notre eau potable de Beckerich. Nous voulons que les gens puissent à nouveau s'engager activement dans la commune pour qu'un meilleur vivre-ensemble se crée entre les différentes générations et nationalités.
***Beckerich a toujours été pionnière dans de nombreux domaines, et nous nous engageons à ce que cela reste ainsi.***

**Kontakt:** 27 48 27 1 • wellewesten@greng.lu

## MÄERZEG



**Lex Schwind**
*26 Joer • Geograf • Member Gréng Kommissioun Mäerzeg*

**Marcel Barros**
*53 Joer • Energieberoder • Gemengerot • President Gréng Kommissioun*

Ënnert der Prämiss vun der Gemeinwohlökonomie ***soll Mäerzeg sech zukünfteg zu enger liewenswäerter an inklusiver Gemeng fir jiddereen*t entwéckelen.*** E moderate Wuesstem an de Schutz vum Patrimoine stinn dobäi am Mëttelpunkt.
Prospektiv an zesumme mat de Bierger*inne muss de Fokus op eng ressourcëschounend a virun allem gerecht Energie-, Ëmwelt- a Sozialpolitik geluecht ginn. An deem Kader ass ee kollektiivt Ausschaffe vun engem Zukunftsplang mat konkreete Moossname fir eng resilient an nohalteg Duerfentwécklung essentiel.
Sous le principe de l'économie du bien commun, ***Mertzig doit se développer à l'avenir en une commune intéressante et inclusive pour tous et toutes.*** Une croissance modérée et la protection du patrimoine doivent ainsi créer le pilier central.
Prospectif et ensemble avec les citoyen.ne.s, l'accent doit être mis sur une politique énergétique, environnementale et sociale équitable et économe en ressources. Dans ce cadre, l'élaboration collective d'un plan d'avenir avec des mesures concrètes pour un développement résilient et durable de nos villages est indispensable.

**Kontakt:** 27 48 27 1 • wellewesten@greng.lu

# ELL



**Castor Aguilera**
*52 Joer • Direkter bei enger Santésorganisatioun • Klimateam Ell*

Och d'Gemeng Ell muss mat dem ëmmer méi schnelle Gesellschafts- a Wirtschaftswandel vun eiser Zäit eens ginn. Et ass grad elo wichteg, als Gemeng kloer Zukunftsvisiounen ze hunn an dës am Dialog mat de Bierger*innen, wéi och de lokale Betriber, ze gestalten. Eng kohärent Klimapolitik, e qualitative Wuesstem, eng wäitsiichteg Gestioun vun den Infrastrukturen an eng nohalteg Mobilitéit sollen dobäi am Mëttelpunkt stoen. ***Dëst mam Zil eng gutt Liewensqualitéit, e friddlecht Zesummeliewen a Chancëgläichheet ze erreechen.***

La commune d'Ell doit également faire face aux changements sociaux et économiques de notre époque. En tant que commune, il est alors important d'avoir dès maintenant des visions claires pour l'avenir et de les façonner ensemble avec les citoyen.ne.s, ainsi qu'avec les entreprises locales. Une politique climatique cohérente, une croissance qualitative, une gestion clairvoyante des infrastructures, ainsi qu'une mobilité durable doivent être au centre du débat politique. ***Tout cela dans le but de développer une bonne qualité de vie, de promouvoir un bon vivre-ensemble et de garantir l'égalité des chances.***

**Kontakt:** 27 48 27 1 • wellewesten@greng.lu

# RÉIDEN



**Lidia Rahal**
*42 Joer • Consultante sénior en transition énergétique*

Lëtzebuerg an d'Gemeng Réiden hunn et mir erlaabt en neit Liewen opzebauen. Elo läit et mir um Häerz menger Gemeng eppes zeréck ze ginn, andeems ech mech politesch engagéieren. ***Mat ärer Ënnerstëtzung wëll ech Politik maachen, déi op Transparenz, Chancëgläichheet an dem verstäerkten Asaz vun erneierbaren Energië baséiert.*** Ech engagéiere mech fir konstruktiv mat menge politesche Kolleeg*innen ze schaffen a fir dozou bäizedroen, datt eng méi resilient an nohalteg Gemeng Réiden entsteet, an där dat gutt Zesummeliewen am Vierdergrond steet.

Le Luxembourg et Redange m'ont permis de me construire une nouvelle vie. Aujourd'hui, je tiens à pouvoir donner de ma personne en m'engageant politiquement. ***Avec votre soutien, je veux promouvoir une politique basée sur la transparence, sur l'égalité des chances et sur le développement accéléré d'énergies renouvelables.*** Je m'engage à collaborer de manière constructive avec mes collègues politiques afin de contribuer à une commune de Redange plus résiliente et durable, dans laquelle le bien vivre ensemble constitue la force motrice principale.

**Kontakt:** 27 48 27 1 • wellewesten@greng.lu

# USELDENG



**Jeff Bauer**
*36 Joer • Bautechniker • Koordinator Regionalsektioun Wëlle Westen*

Déi gréng Useldeng sti fir eng gesond Ëmwelt an ee gutt soziaalt Zesummeliewen. ***Mir engagéieren eis politesch fir eis Natur, eis Gesellschaft, eng gutt Gesondheet a virun allem eis Kanner an hir Zukunft.*** Datt Politik awer net nëmmen eng Oppositioun vu Meenungen ass, mee datt een och eppes beweege kann, dat hunn mir an der gréngen Famill geléiert. An dat Gefill wëlle mir gäre weider ginn. Dofir engagéier och du dech mat eis fir eng besser Zukunft!

Déi gréng Useldange défendent un environnement sain et une bonne cohabitation sociale. ***Nous nous engageons politiquement pour notre nature, notre société, une bonne santé et surtout pour nos enfants et leur avenir.*** Dans la famille déi gréng, nous avons réalisé que la politique n'est pas seulement une opposition d'opinions, mais que l'on peut aussi faire avancer les choses. Et nous tenons à vous transmettre ce sentiment. Engagez-vous, vous aussi, pour un avenir meilleur et rejoignez-nous !

**Kontakt:** 27 48 27 1 • wellewesten@greng.lu

# WAL



**Christiane Thommes-Bach**
*61 Joer • pensionnéiert ATM en chirurgie • Buergermeeschtesch Gemeng Wal*

D'Bierger*innen vun de Gemenge Groussbus a Wal waarde gespaant op hir Gemengefusioun. ***Dofir ass et wichteg, kloer Zukunftsvisiounen ze hunn an d'Awunner*innen an de Mëttelpunkt ze stellen.*** D'Erausfuerderunge leie bei enger wäitsiichteger Gestioun vun den Infrastrukturen, enger geziilter Klimapolitik, Verkéiersberouegung, nohalteger Mobilitéit, dem Erhale vun eisen natierleche Landschaften, duussem Tourismus a Kultur, ouni dobäi d'Traditiounen a wichteg gesellschaftlech Froe vum Zesummeliewen ze vergiessen.

Les citoyen.ne.s des communes de Grosbous et de Wahl attendent avec impatience leur fusion communale. ***C'est pourquoi il est important d'avoir des visions claires de l'avenir et de mettre les résident.e.s au centre de la politique.*** Les enjeux résident dans une gestion clairvoyante des infrastructures, une politique climatique ciblée, l'apaisement du trafic, la mobilité durable, la préservation de nos paysages naturels, le tourisme doux et la culture, sans oublier les traditions et les grands enjeux sociaux du vivre-ensemble.

**Kontakt:** 27 48 27 1 • wellewesten@greng.lu



**DU MÖCHTEST EINE GRÜNE UND SOZIALE GEMEINDE MIT HOHER LEBENSQUALITÄT UND EINER BESSEREN MOBILITÄT?**

## TRAG DICH JETZT EIN FÜR DIE GEMEINDEWAHLEN AM 11. JUNI 2023!

*Alle Einwohner*innen können an den Kommunalwahlen teilnehmen, unabhängig davon, wie lange man bereits in Luxemburg wohnt und welche Nationalität man hat. -> **www.wirwaehlen.lu***

**TU VEUX UNE COMMUNE VERTE ET INCLUSIVE, AVEC DES QUARTIERS À HAUTE QUALITÉ DE VIE ET UNE MEILLEURE MOBILITÉ ?**

## INSCRIS-TOI AUX ÉLECTIONS COMMUNALES DU 11 JUIN 2023 !

*Tous les résident.e.s de la commune peuvent participer aux élections communales, indépendamment de la nationalité et de la période de résidence au Luxembourg. -> **www.nousvotons.lu***

**QUERES UMA COMUNA VERDE E INCLUSIVA, COM ALTA QUALIDADE DE VIDA E MELHOR MOBILIDADE?**

## RECENSEIA-TE JÁ PARA AS ELEIÇÕES AUTÁRQUICAS DE 11 DE JUNHO DE 2023!

*Todos os moradores podem votar nas eleições municipais, independentemente da sua nacionalidade ou do tempo de residência no Luxemburgo -> **www.votamos.lu***

**DO YOU WANT A GREEN AND INCLUSIVE MUNICIPALITY, WITH HIGH QUALITY OF LIFE AND BETTER MOBILITY?**

## REGISTER NOW FOR THE MUNICIPAL ELECTIONS ON 11 JUNE 2023!

*All residents can vote in municipal elections, regardless of their nationality or how long they have lived in Luxembourg. -> **www.wevote.lu***

**GËFF OCH DU GRÉNG!**
**TOI AUSSI DEVIENS VERT.E !**
**TU TAMBÉM TORNA-TE VERDE!**
**YOU TOO, BECOME GREEN!**
**www.greng.lu/member**

déi gréng Norden 03/23
RE
PRINTED IN LUXEMBOURG
MIX
Paper | Supporting responsible forestry
FSC® C021470
FSC www.fsc.org

norden@greng.lu
GRENG.LU